LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 15 mai 2014
Réf : QP-13/14

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°223 du 16 avril 2014 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

Je vous prie de trouver en annexe la réponse de mon département à la question parlementaire sous rubrique.

Je vous prie, Monsieur le Ministre, de croire en l'expression de mes sentiments très distingués.

Félix Braz
Ministre de la Justice

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél.: (+352) 247-84537
Fax: (+352) 26 68 48 61
Adresse postale
L-2934 Luxembourg
e-mail: info@mj.public.lu

1[illegible]-000144-20041018-FR

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Réponse du Ministre de la Justice à la question parlementaire n°223 du 16 avril 2014 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

1) Esou wéi ugekënnegt am Regierungsprogramm, wäert am Scheedungsrecht, wéi och an aneren Trennungssituatiounen, dat gemeinsamt Suergerecht vun den Elteren fir hier Kanner zur allgemengen Regel ginn, ausser an deenen Fäll wou dat absolut net am Interesse vum Kand wär oder och soss net méiglech wär, wéi zum Beispill bei Virgeschicht vun Gewalt an der Famill.

2) An deene Fäll wou och elo schonn Besuchsrecht net respektéiert gëtt, ass eng Méiglechkeet iwwert eng Strof, nämlech déi wéi se am Artikel 371-1 am Strofrecht steet (non représentation d'enfant), virzegoen am Fall wou regelmässeg een Elterendeel sech net un Besuchsrecht hält.

3) + 4)
Et ass net am Sënn vun der Regierung hieren Iwwerleeungen zivil Urteeler iwwert d'Suergerecht an Besuchsrecht polizeilech ausféierbar ze maachen. Do denkt d'Regierung éischter drunn iwwert de Wee vun den familialen Mediatiounen an Therapien, Famillen esou wäit wéi nëmmen méiglech un eng friddlech Léisung erun ze bréngen, ouni mussen op polizeilech Mossnahmen zréck ze gräifen.

Eng Interventioun vun der Police wou een Kand per force aus sengem Doheem oder z.B. aus der Schoul erausgezerrt gëtt, ass eng Konfliktsituatioun déi zu engem Trauma fir d'Kand ka féieren.

Wann e Besuchsrecht net respektéiert gëtt, huet den Elterendeel deen d'Kand net gesäit ëmmer d'Méiglechkeet een Jugendriichter mat der Situation vum Kand ze befaassen oder fir eng Ännerung vum Suergerecht respectiv vum Besuchsrecht ze froen. Bei all deenen Gerichtsurteeler muss ëmmer den "intérêt supérieur de l'enfant" zielen. Et däerf een och net vergiessen dass all Situation ënnerschiddlech ass an dofir däerf et an där Matière keen Automatismus ginn, mee et muss ëmmer au cas par cas an am Intérêt vum Kand décideiert ginn.

Sollt et net méiglech sinn iwwert den "friddlechen" Wee, dann bleiwt laut dem Gesetz ëmmer nach d'Méiglechkeet en neit Urteel ze kréien iwwert d'Suergerecht wou dat engem Elterendeel eleng muss zougesprach ginn, an deen aneren Elterendeel esou guer d'Besuchsrecht kéint ofgesprach kréien. Eng Suppression vum Besuchsrecht ass extrem rar, et gëtt éischter emol eng Suspensioun oder eng Réductioun vum Besuchsrecht gesprach, am Intérêt vum Kand.

130-C-00144-20041018-FR

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél.: (+352) 247-84537
Fax: (+352) 26 68 48 61
Adresse postale
L-2934 Luxembourg
e-mail: info@mj.public.lu